PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
26 FEV. 2019
420

Lëtzebuerg, den 26/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

Privatpersounen, déi eng Konschtsammlung oder e wäertvollt Eenzelsték besetzen, kennen hier Konschtwierker u Muséeë verléinen. Esou hunn déi verschidde Muséeën zu Lëtzebuerg, laut Aussoe vun der Presse an der Madamm Ministesch, eng Rei Wierker an och ganz Kollektioune vu Privatleit am Prêt. Dës Wierker a Kollektioune ginn op d'Käschten a Verantwortung vun de Muséeën stockéiert, ënnert der Konditioun, datt d'Wierker kënnen dem Public zougänglech gemaach ginn. D'Besëtzer musse wärend der Zäit, wou se hier Biller de Muséeën zur Verfügung stellen, also keng Käschte fir de Stockage oder d'Assurance vun hire Wierker a Kollektiounen iwwerhuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Wéi vill Wierker oder ganz Kollektioune sinn am Moment (opgelëscht nom Musée an der Unzuel vu Wierker pro Prêt) a Muséeë mat staatlecher Bedeelegung am Prêt?
- Wéi héich sinn d'Käschte fir d'Assurancen, fir de Stockage a fir aner Fraisen, déi duerch dës Prête fir d'lëtzebuergesch Muséeën entstinn (opgelëscht no Musée)?
- Mussen d'Besëtzer vun dëse Wierker dësen "*avantage en nature*" a Form vun enger Stockéirung a Versécherung vun hire wäertvollen Investissementer versteieren? Oder handelt sech hei em eng steierfräi Faveur, fir méi Sammler zu engem Prêt ze motivéieren?
- Wéi héich ass d'assuréiert Somme vun deene Wierker, déi de Muséeë selwer gehéieren am Verglach zu der assuréierter Somme vun deene Wierker, déi geléint sinn (an absoluten a relative Wäerter)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 février 2019

Objet : Question parlementaire n° 420 du 26.02.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Entreposage de collections d'art privées dans les musées

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés